N°3839
Entrée le 25.03.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 26.03.2026
Chambre des Députés

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 25. Mäerz 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Kulturminister, an un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Gëschter konnt een an der Lëtzebuerger Dagespress liesen, datt d'Musekschoul Cavem faillite déklaréiere misst. Dem *Tageblatt* no markéiert d'Ënn vun dëser Musekschoul och de Schluss vun de Coursë fir eng ronn 600 Museksschüler a Museksschülerinnen. Gläichzäiteg verléieren ëm 15 Musekproffen an eng hallef Dose fräiberufflech Musekproffen hier Aarbechtsplaz.

An deem Kontext géinge mir follgend Froe stellen:

- Wéi bewäert den Här Kulturminister d'Auswierkunge vun dëser Faillite op d'kulturellt Offer, besonnesch am Beräich vun der Museksausbildung?
- Gouf et am Virfeld Signaler déi op finanziell Problemer bei der Cavem higewisen hunn? Wann jo, wéi gouf dorop reagéiert?
- Wat fir konkret Mesurë ginn elo geholl, fir déi betraffe Schüler séier nees an eng strukturéiert Museksausbildung ze integréieren?
- Wat geschitt mat den Enseignanten an de fräischaffende Musekproffen, déi hir Aarbechtsplaz verluer hunn? Sinn Ënnerstëtzungsmoossname virgesinn?
- Besteet d'Méiglechkeet, datt de Staat oder aner ëffentlech Acteuren intervenéieren, fir en Deel vun der Aktivitéit oder d'Strukturen ze erhalen?

Mat déiwem Respekt

Claire Delcourt
Deputéiert

Georges Engel
Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu